




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État



Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement
LUXEMBOURG

Luxembourg, le 20 juillet 2016

Objet : Réponse de Monsieur le Premier ministre, ministre d'État à la question parlementaire N° 2173 du 22 juin 2016 de Monsieur le Député Gast GIBÉRYEN concernant l'utilisation de chevaux de Troie gouvernementaux.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe ma réponse à la question parlementaire N°2173 du 22 juin 2016 de Monsieur le Député Gast GIBÉRYEN.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier ministre

Ministre d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Ufro 2173 vum 22. Juni 2016 vum
Députéierten Gast GIBÉRYEN iwwert d'Staatstrojaner.**

- 1. Kann den Här Premierminister bestätegen, datt de Geheimdéngscht Spionagesoftware oder „Staatstrojaner“ agesat huet, fir Zougrëff ze kréien op d'Computerkommunikatioun vu Persounen oder Betriber, Organisatiounen oder Institutiounen? Am Fall wou, kann den Här Premierminister präziséieren, wéini esou Aktiounen gelaf sinn a wéivill Persounen a wéivill Betriber, Organisatiounen oder Institutiounen dovunner betraff waren? Sinn nach esou Aktiounen amgaang?**

An der Vergaangenheet si Computerkommunikatiounen interceptéiert ginn. All Kéiers wou den Asaz vun engem Dispositif fir een informatesche System z'interceptéieren ugefrot ginn ass, ass dëst op Basis vun der Autorisatiounsprozedur, déi am Artikel 88-3 vum Code d'instruction criminelle virgesinn ass, geschitt.

An der Prozedur hunn déi dräi héich Magistraten (President vun der Cour supérieure de Justice, President vum Tribunal d'arrondissement Luxembourg, President vun der Cour administrative) eestëmmeg an ausdrécklech hir Zoustëmmung zu dëser Mesurë ginn, op Basis vun där de Staatsminister och sän Accord konnt ginn.

Den Asaz vun engem Dispositif, fir Computerkommunikatiounen z'interceptéieren, ass per Distanz gemaach ginn, ouni Intrusioun an een Domicile.

All Detailfro wie wéini vun esou enger Mesurë viséiert wor ënnerläit aktuell de Strobbestëmmunge vum Artikel 16 vum SRE Gesetz vum 15. Juni 2004.

- 2. Ass et richtig, datt de Premierminister dës Operatiounen accordéiert huet op Grond vu positiven Avise vun der Justiz wéi och vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun iwwer de Geheimdéngscht?**

Ewéi schonn an der éischer Fro detailléiert beschriwwen, fällt all Interceptioun ënnert d'Autorisatiounsprozedur vum Artikel 88-3 vum Code d'instruction criminelle. Deemno ass all Zougrëff op Computerkommunikatiounen ëmmer fir d'éischt vun dräi héije Magistraten (President vun der Cour supérieure de Justice, President vum Tribunal d'arrondissement Luxembourg, President vun der Cour administrative) analyséiert ginn, déi eestëmmeg an ausdrécklech hir Zoustëmmung ginn hunn, an doropshin de Staatsminister seng Autorisatioun ginn huet.

Den Artikel 15 (7) vum SRE Gesetz vum 15. Juni 2004 gesäit vir datt d'Kontrollkommissioun all 6 Méint iwwert all „Mesures de surveillance des communications“ déi iwwert d'Prozedur, esou wéi se am Artikel 88-3 CIC virgesinn ass, autoriséiert goufen, informéiert gëtt. Dëst gëtt och all Semester gemaach.

3. Stëmmt et, datt de fréiere Premier Jean-Claude Juncker déi Praxis ënnerbonnen hat?

De fréiere Staatsminister huet verlaangt datt ier den Dispositif fir informatesch Systemer z'interceptéiere géng agesat ginn, dëst Instrument sollt esou configuréiert ginn, datt all déi noutwendeg Garantien erfëllt wieren.

4. Wéini a vu wéi enger Regierung sinn duerno nees „Staatstrojaner“ agesat ginn?

All Detailfro wéini op esou eng Measure zrëckgegraff gouf ënnerlait dem Artikel 16 vum SRE Gesetz vum 15. Juni 2004.

5. Op wat fir enger legaler Basis sinn esou Operatioune genehmegt ginn, wou dach eréischt dat neit Gesetz vum 2016 juristesch Kloerheet doriwwer schafft?

All Kéiers wou den Asaz vum engem Dispositif fir Computerkommunikatiounen z'interceptéieren ugefrot ginn ass, ass dëst op Basis vun der Autorisatiounsprozedur, déi am Artikel 88-3 vum Code d'instruction criminelle virgesinn ass, geschitt.

Déi gesäit vir datt, nodeems dräi héich Magistraten (President vun der Cour supérieure de Justice, President vum Tribunal d'arrondissement Luxembourg, President vun der Cour administrative) eestëmmeg an ausdrécklech hir Zoustëmmung ginn hunn, de Premierminister « *eng Surveillance an eng Kontroll mat Hëllef vun den appropriéierten technesche Mëttelen, all Form vu Kommunikatioun kann ordonnéieren* ».

Och schonn 1982 wou den Text vum Artikel 88-3 CIC gestëmmt gouf, ass un all Form vu Kommunikatioun geduecht ginn. An deem Sënn huet och schonn de Chamber-President a sengem Bréif vum 8. Juni 1982 (documents parlementaires n° 2516), jugéiert dass et nützlich ass fir aner Kommunikatiouns-Méiglechkeete virzegesinn, ewéi nëmmen d'Post an d'Telekommunikatiounen¹. De Staatsrot huet ausdrécklech a sengem zousätzlechen Avis vum 29. Juni 1982 nach confirméiert dass déi nei gefaassten Dispositiounen als Objet hätten « *d'étendre la nouvelle réglementation "à toutes les formes de communication", de telle façon qu'il sera possible non seulement de surveiller et de contrôler les télécommunications et correspondances postales, mais encore de recourir à tous moyens techniques dont l'utilisation peut s'avérer nécessaire pour dépister ou convaincre des délinquants* ».²

Deemno gesäit dës Prozedur vir, dass Kommunikatiounen (egal wéi enger Natur) interceptéiert kënnen ginn, gegebenenfalls mat Hëllef vun engem appropriéierten

¹ Seit 15 vum Document Parlementaire N°2516¹

² Seit 1 vum Document Parlementaire N°2516²

technesche Moyen, falls d'Sécherheet et verlaangt an och nëmme da wann, geméiss dem Proportionalitéitsprinzip, all aner Mesuren, déi den SRE zur Verfügung huet, net wierksam wieren.

Dës Prozedur erlaabt d'Interceptioun fir eng Period vun 3 Méint, dei op Basis vun der selwechter Prozedur a Kontroll erëm erneiert ka ginn.

D'Prozedur, déi op Basis vum Artikel 88-3 CIC agesat gouf, ënnerscheid sech vum neien Text am Gesetz an deem Sënn, dass bis elo nëmme Kommunikatiounen interceptéiert goufen. Den SRE huet keen Accès zu Donnéeën um Computer oder Kamera gehat. Dëst ass och ganz däitlech am Procès-verbal den déi dräi Riichter ennerschreibe preziséiert, den definéiert dass nëmme Kommunikatiounen interceptéiert duerfe ginn. Dëst ass konform zum Text vum Artikel 88-3 CIC.